



► **Une voix.**- Sidd Dir scho geimpft, Här Minister?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Jo, géint d'saisonal Gripp. Bei där anerer wäert ech mech impfe looszen, wann et mäin Tour ass.

(Hilarité et interruptions)

► **Une voix.**- Wëllt Der eng Kamell?

► **Une autre voix.**- Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Bänk do ugepaakt, wou ech stoung.

(Hilarité)

► **M. le Président.**- Also, elo huet ganz eleng den Här Minister d'Wuert!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Dat heescht, ech wäert mech impfe looszen, wann déi normal Leit drukommen, déi keng Risikopatiente sinn. Mä ech wäert mech selbstverständlech impfe looszen. Dat wäert nach e puer Wochen daueren, bis dass mer genuch Vaccinen hunn, fir jiddwerengem et kënnen unzbidden.

Déi Vaccinatiounszenre si siwemol am Land; an zwar zwee an der Stad Lëtzebuerg, een zu Esch, een zu Déifferdeng, een zu Dikrech, een zu Berbuerg an een zu Wolz.

Prioritéit bei den Impfungen sinn d'Fleegepersonal, si Leit, déi sech ëm Kanner vu manner wéi sechs Méint këmmen, si chronesch Patienten...

(Interruption, hilarité et brouhaha)

Jo.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Sidd frou, Är Riedezäit ass ofgelaf.

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- ...a si schwanger Fraen, a sinn ënner anerem och Patienten, déi Immunproblemer hunn. Duerno ginn aner Prioritéiten déclinéiert.

De Käschtepunkt vun der Vaccinatioun läit bei fënnf bis sechs Milliounen Euro.

Selbstverständlech ginn d'Patienten alleguer bei den Zentre respektiv herno, wann och an de Praxe ka geimpft ginn, iwwer méiglech hypothetesch Reschtrisiken informéiert. Mir menge jiddefalls, dass mer dee richtege Choix geholl hunn, fir all deene Patienten, all deene Leit, déi sech wëllen impfe looszen, dat kënnen ënner gudde Konditiounen ze assuréieren.

An, wéi gesot, d'Fro ass mer gestallt ginn, ob ech mech selwer géif impfe looszen. Selbstverständlech maachen ech dat. Ech maachen dat wéi bei der saisonaler Gripp.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Minister Merci. Här Colombero, wëllt Dir nach eng Kéier d'Wuert ergräifen?

► **M. Jean Colombero (ADR), auteur.**- Also, Här Minister, wann ech gutt verstanen hunn, sidd Dir bereet, fir de Leit allegueren ze soen, wéi d'Niewewierkunge vun esou enger Impfung sinn. Eng Impfung, déi erëischt virun dräi Méint getest gouf, do sidd Dir also bereet, fir duerch de Fernseh, duerch de Radio, mat den Zeitungen d'Leit ze informéieren, welche Risiko dat se kënnen kréien. Stëmmt dat, jo oder neen?

► **M. le Président.**- Här Minister, wann ech gelift.

► **M. Jean Colombero (ADR), auteur.**- Dat kann ee mat engem Wuert beäntwerzen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Majo selbstverständlech. Et ass iwwerall nozeliesen, wat et vun hypotheteschem Reschtrisiko gëtt. Mä selbstverständlech, aneschtens wéi den Här Colombero, wäert ech d'Leit och am Detail informéieren iwwert d'Plus-value vun enger Impfung. Well nëmmen dann informéiert een d'Leit korrekt, wann een déi zwou Säite vun der Medail weist, an net nëmmen eng.

An dass den Här Colombero net onbedéngt e Frënd vu Grippevaccinatiounen ass, huet en an der Vergaangenheet méi wéi eng Kéier bewisen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Domadder wär d'Diskussioun iwwert dee Punkt ofgeschloss.

Motion 1

Ech hunn elo hei eng Motioun, déi just vum Här Colombero ënnerschrifwen ass, déi also net recevabel ass. Sinn nach véier aner Kolleegen, déi bereet sinn, dem Här Colombero seng Motioun mat ze ënnerschrifwen?

► **Une voix.**- Den Här Huss.

► **M. le Président.**- Den Här Huss an den Här Hoffmann. Dann hätte mer also sechs Ënnerschriften. Da wär déi Motioun recevabel. Ech géif da proposéieren, dat, soubal d'Elektronik funktionéiert, mer och déi Motioun zum Vote wäerte stellen. Wa mer eng Minutt vläicht waarden, kënnen mer dat direkt maachen, ausser dat den Här Colombero d'accord ass, dat mer hei iwwert d'Motioun de Vote par main levée maachen. Neen.

► **M. Jean Huss (déi gréng).**- Här President!

► **M. le Président.**- Jo.

► **M. Jean Huss (déi gréng).**- Et ass eng Motioun, déi elo just ugeholl ginn ass, fir hei kënnen diskutéiert ze ginn. Mir misste se awer emol vläicht diskutéieren.

► **M. le Président.**- Jo. Här Huss, wëllt Dir dann nach d'Wuert dozou ergräifen? Mä da kritt den Här Huss elo d'Wuert, fir zu der Motioun vum Här Colombero ze schwätzen.

► **M. Jean Huss (déi gréng).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass jo, ech mengen, wierklech e seriöse Problem, mat deem mer eis hei ofginn. An déi Motioun, zum Här Colombero, ech muss soen, amplat déi Question avec débat hätt ech léiwer seng Interpellatioun gehat, well dat alle Fraktiounen d'Méiglechkeet ginn hätt, fir hei kënnen doriwwer matzediskutéieren.

Elo zu där Motioun. Ee vun den Haaptelementer an der Motioun vum Här Colombero ass, dat e seet, dat de Santéministère bis elo net kommunizéiert hätt iwwer eventuell ze befierchtend Niewewierkungen, déi esou en Impfstoff, esou eng Impfung kéint hunn.

Da schreift en hei „(...) que ces effets secondaires devraient normalement être relatés sur les notices explicatives accompagnant ces vaccins“. Do ass Är Formulierung falsch, Här Colombero. Déi Effets secondaires „sont relatés“. Déi sinn net „devraient être“, mä déi „sont relatés“. Hei ass eng Zesummefaassung vun deem Impfstoff mat méiglechen Niewewierkungen. Genau deen Impfstoff, ëm deen et sech hei handelt.

Hei op de Säite 5 a 6 dervun, do gëtt dovunner geschwat. Et gëtt effektiv vun der Firma selwer, déi den Impfstoff entwéckelt huet, op méiglech Niewewierkungen higewisen. An da muss ee wierklech d'Avantagen an eventuell d'Niewewierkungen an d'Inconvénients en balance setzen, fir dat jiddwer Mënsch sériëusement informéiert ass doriwwer, wat ka geschéien. Wat kann da positiv sinn? Wat kann awer och dat Negatiivt sinn?

A bei deenen Niewewierkungen, déi kënnen do sinn, ënnerscheet de Bedreier zwëschen: „sehr häufige Nebenwirkungen“, dat sinn der, déi bei engem bis op zéng Leit kënnen virkommen; dann, „häufig“, dat ass ee vun zéng bis 100 Leit; dann „gelegentlich“, dat ass ee vun 100 bis 1.000 Leit; dann „selten“ an „sehr selten“.

A bei deenen heefegen, oder bei deene ganz heefegen Niewewierkunge gi genannt vum Bedreier: „sehr häufig Kopfschmerzen“, also um Niveau vum Nervensystem; „sehr häufig“ awer och Arthralgie a Myalgie, also Problemer vum Muskel, Skelett, Knachen an esou virun; „sehr häufig Verhärtung, Schwellung, Schmerzen und Rötungen an der Injektionsstelle, Fieber, Mattigkeit“; an da gëtt et och „häufig“, beispillsweis „Schüttelfrost, grip-penähnliche Erkrankungen“.

Dat si Saachen, déi vum Bedreier selwer op sengem Beipackziedel ugi ginn. Dat heescht also, et gi schonn Informatiounen doriwwer, wou de Bedreier selwer seet: Dat kënnen Niewewierkunge sinn. Ech huelen elo net déi, déi just „gelegentlich“ sinn oder „selten“, déi looszen ech elo

emol ewech, mä déi, déi just „sehr häufig“ an déi „häufig“ sinn. Sou.

Dofir also, déi Informatioun gëtt et. Mä de Problem ass awer deen, dat awer kee Mënsch se dobaussen huet, déi Informatiounen. An dofir missten déi Informatiounen do sinn, dat ee weess: Wann ech mech impfe looszen, da kann et eventuell, positiv gesinn, dee positiven Effet hunn, fir deen Typ Gripp, dee Virus net ze kréien, oder awer ëmgekiert, et kann een awer och, wann ee Pech huet, an eng Situatioun geroden, dat een zu deene Leit gehéiert, déi leider dann eben Niewewierkunge kréien, entweder méi liichter oder méi schwéier. An et ass d'Fro vun enger Informatioun, wou ech allerdéngs mat lech vum Prinzip hier d'accord sinn, dat misst informéiert ginn iwwert déi Niewewierkungen.

Just elo an Ärem „invite le Gouvernement“ fannen ech och, dat et e wéineg - wéi soll ech soen? -, Dir hutt et e wéineg haart formuléiert. Dir sot „(...) à pallier la campagne de vaccination contre le virus de la grippe porcine type A/H1N1 par une campagne d'information toute aussi massive par voie de tous les médias sur les risques et les effets secondaires connus liés au vaccin utilisé“. Ech géif einfach soen: „...pallier la campagne de vaccination par une information objective sur les risques et effets secondaires possibles liés au vaccin utilisé“. Ech mengen, dat wär vill méi eng - loosse mer soen - nuancéiert Formulierung, fir der Saach awer e wéineg méi gerecht ze ginn.

Mä am Prinzip fannen ech, dat awer esou eng Informatioun misst stattfannen, dat jiddweree weess: Wann ech mech impfe looszen, eventuell negativ Effeten, och wa se vläicht heefeg, seelen oder ganz seele sinn, kënnen awer virkommen. Dat wär dat, wat hei misst a mengen Ae gemaach ginn.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Huss Merci. Den Här Bettel huet nach d'Wuert gefrot.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, ech soen lech Merci. No den Erklärungen vum Här Colombero an och vum Här Huss, a virun allem awer no den Aussoe vum Gesondheitsminister musse mer lech soen, dass de Gesondheitsminister jo gesot huet selbstverständlech, dass e mat aller Objektivitéit géif de Pro an de Kontra vun deene Vaccinen der Populatioun mat erklären.

An ech mengen, et kann een an dësem Fall awer dem Gesondheitsminister vertrauen. Dofir wär dës Motioun sans objet. An dofir wäert meng Fraktioun déi och net stëmmen.

► **Une voix.**- Ass dat nei?

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Ech sot: an dësem Fall vertrauen.

► **M. le Président.**- Kee méi, deen d'Wuert freet zu der Motioun? Jo, da géif ech proposéieren, géife mer elo kucken, ob eise Vote... Jo, den Här Colombero nach, wann ech gelift.

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Ech sinn d'accord mat der Ännerung vum Här Huss.

► **M. le Président.**- Dir sidd d'accord mat der Ännerung vum Här Huss. Ech stellen also elo déi ëmgeännert Motioun - den Här Colombero ass mat där Formule, déi den Här Huss hei proposéiert huet, d'accord - zum Vote. Kucke mer, ob elo eise Vote électronique erëm funktionéiert. Jo.

De Vote geet un.

Vote

Et feelt nach ëmmer een. Fin du vote. D'Motioun ass ofgelehnt mat 45 Nee-Stëmmen, 13 Jo-Stëmmen an 2 Abstentounen.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 46 voix contre, 12 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser; M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien

Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par Mme Nancy Arendt), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger et Mme Lydie Polfer.

Se sont abstenus: MM. Claude Meisch et Carlo Wagner.

Ech géif da proposéieren, Dir Dammen an Dir Hären, mir géifen och elo direkt déi zwee Voten iwwert déi viregt Projete virhuelen.

7. 5865 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République Démocratique Populaire Lao dans les domaines de la culture, de l'enseignement supérieur et de la recherche, signé à Vientiane, le 16 octobre 2007 (suite)

Do ass fir d'éischt de Projet de loi 5865 iwwert d'Konventioun mam Laos.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Vote par procuration.

(Brouhaha)

De Projet de loi 5865 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

► **Plusieurs voix.**- Oh!

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par Mme Nancy Arendt), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser; M. André Hoffmann.

► **M. le Président.**- Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Chamber TV
weist all
öffentlech Sëtzung
live an integral